# Prozess im Jugendgericht

## Was ist passiert?

Zera und Rex, beide 12-jährig, malen in ihrer Gemeinde immer wieder unerlaubte Graffitis auf Mülleimer, die Parkmauer, Parkbänke oder auf die Schulfassade. Sie nennen sich ZeRex, sind selbsternannte Street Artists, geben ihre Identität nicht bekannt und posten die Fotos ihrer fertiggestellten Stencil Graffitis in den Sozialen Medien. Sie bewundern Banksys engagierte und kritische Kunst und wollen ihn nachahmen. Ihr Ziel ist die Verbreitung von Friedensnachrichten. Gerade als Zera und Rex dabei waren, abends ein neues Graffitikunstwerk auf die Fassade der Grundschule zu malen, wurden sie von der Hausmeisterin auf frischer Tat ertappt. Diese meldete den Vorfall bei der Polizei.
Jetzt müssen sich Zera und Robert/Rex wegen Sachbeschädigung vor Gericht verantworten.




## Schematischer Werdegang dieses Strafverfahrens

1. **Klage** →
2. **Polizei und/oder Staatsanwaltschaft** →
3. **Ermittlungen** (Beweiserhebung, Vernehmung der Zeugen/Zeuginnen sowie des oder der Beschuldigten) →
4. **Anklage durch die Staatsanwaltschaft** ↓
5. **öffentliche Verhandlung vor dem Gericht** ←
6. **Urteil** (Freispruch oder Verurteilung)

**Info**

Die Rollen im Theaterstück beziehen sich auf die Personen aus dem Video *E Fall fir op d'Jugendgeriicht.*

# Zeen 1

De Jugendriichter (JR), de Staatsanwalt / Procureur (PR) an de Greffier (GR) kommen an de Sall a setzen sech op hir Plazen. De Polizist oder d'Polizistin (AU) steet hannen am Sall. (JR) & (PR) hunn hir Dossieren iwwert de Fall dobäi. GR hëlt wärend dem Prozess Notte vun deem, wat den Affekot oder d'Affekotin an de Parquet als Strofmoossvirschloen. De Riichter brauch déi Informatioune fir d'Urteel ze schreiwen.

## Charaktere

| | | | |
|---|---|---|---|
| JR | Jugendriichter | Z | Zera |
| PR | Staatsanwalt / Procureur (Parquet) | R | Robert/Rex |
| GR | Greffier | M1 | Mamm vum Zera |
| AF | Affekot oder Affekotin | M2 | Mamm vum Rex |
| AU | Polizist oder Polizistin (Audiencier) | P1 | Papp vum Zera |
| | | P2 | Papp vum Rex |

**JR** *(zum Audiencier)* Rufft Dir mir wgl. d'Zera Faber a seng Elteren eran?

Den Audiencier geet eraus an de Gank, déi éischt Beschëllegt (Zera) sichen. D'Zera kënnt mat sengen Elteren, mam Affekot oder der Affekotin a mam Audiencier an de Sall. Den Audiencier bleift bei der Dier stoen.

**JR** Dir kënnt hei vir an d'Mëtt kommen. D'Elteren och wgl. Ass Lëtzebuergesch ok?

**M1** Jo, dat ass ok.

**JR** Du bass d'Zera Faber, gebuer de 15. Abrëll 20XX, wunnhaft op der Adress 2, rue Jeanne Rouff an der Stad. Ass dat richteg esou?

**Z** Jo.

*D'Mamm stäipt sech mat den Hänn um Dësch of. De Papp huet d'Hänn an den Täschen, kuckt erof.*

**JR** Dir gëtt reprochéiert tëscht dem Oktober 2022 an dem Abrëll 2023 Graffitien an denger Gemeng op Dreckskëschten, Maueren an op Bänke gemoolt ze hunn. Du hues och dono Fotoe vun denge Graffitien op diverse Soziale Medien gepost. Du hues dat awer net eleng gemaach, mee mam Robert, genannt Rex, e Frënd vun dir. Du bass vun der Concierge vun der Grondschoul erwëscht ginn, wéi s de zesumme mam Rex e Graffiti op d'Schoulmauer gemoolt hues.

Graffitien zielen zum Vandalismus. Et gëtt dir also 'Beschiedegung vu Géigestänn, déi der Allgemengheet notzen' virgehäit. Nom Artikel 526 vum Code pénal.

*(kuckt och d'Elteren)*

Hutt Dir en Affekot dobäi?

**AF** *(steet op)* Jo, ech assistéieren dem Zera.

**JR** Wëlls du eis eppes dozou zielen?

**Z** Nee.

**JR** *weist zwou bis dräi grouss Fotoen*
Am Dossier gesi mer dës Fotoen. Se sinn online opgedaucht. Hues du der ni Froe gestallt?
Am Internet geet jo ni eppes verluer.

**Z** Et war jo op menger privater Säit.

**JR** Jo, mee jiddereen, deen um Internet ass oder en Account huet, kann deng Fotoe gesinn. Dat ass net privat.

**Z** Ech hu just meng Graffitie gewisen, fir meng eege Meenung iwwert de Fridden ze verbreeden.
D'Situatioun an der Welt reegt mech einfach op. D'Ongerechtegkeeten an d'Kricher!

**JR** Eng Foto um Internet posten, wou een eng Fassad besprayt, huet näischt mat eege Meenung soen ze dinn.
*(zu den Elteren)* Wosst Dir vu senge Graffitien?

*Eltere kucken sech un.*

**P1** Also dass et sech fir Aktualitéit interesséiert, jo. Dat fanne mer jo gutt. Vun de Graffitien, nee!

**JR** Et ass wichteg, dass de mat dengen Elteren doriwwer schwätz, dofir sinn si do. An et ass wichteg, dass de näischt bemools oder besprays, ouni déi Persoun gefrot ze hunn, där et gehéiert.
Ech hunn hei all deng Graffitie gekuckt, déi sinn interessant an déi kanns de och op e Poster oder eng Leinwand sprayen an dann online posten.

*(zu den Elteren)* Gespréicher tëscht Elteren an hire Kanner si wichteg. Wéi hutt Dir als Eltere reagéiert?

*Eltere kucken sech nees un.*

**P1** Wëlls du et erklären?

**M1** Mir hunn him d'Faarwe fir 2 Wochen ofgeholl a mat him geschwat.
Den Handy ass jo scho konfiszéiert vun der Police.

**JR** *(kuckt de Parquet un)* Parquet, et ass un Iech.

**PR** Du hues onerlaabte Graffitie gemaach an d'Fotoen op Social Media eropgelueden, ëmmer erëm, fir deng Messagen ze verbreeden. Dofir ass d'Strofdot ‚Beschiedegung vu Géigestänn, déi der Allgemengheet notzen' (Code pénal, Artikel 526) zeréckbehale ginn.

Ech erklären der, wat d'Strofe sinn, wanns de elo iwwert 18 Joer al wiers: Well dat esou schlëmm ass, wanns du esou onerlaabte Graffitie méchs an ëffentlech Plaze beschiedegs, muss du dat hei elo kloer verstoen!

All Persoun, déi och nëmme mengt, dass een e Graffiti op eng Plaz gemoolt huet, wou et verbueden ass, kann dat bei der Police mellen. Du kéins also och ouni Plainte vun der Schoul hei stoen. Wann s du enger anerer Persoun hir Saache futti méchs oder ouni Erlabnes bemools, géings du als Erwuessenen eng Prisongsstrof vu bis zu dräi Joer riskéieren, plus eng Geldstrof vu bis zu 10.000 Euro. Oder just eng vun dëse Strofen.

Mir kucke genee, wéi et weidergeet. Säit Abrëll 2023 ass et roueg, mee et ginn nach aner Strofen, wann dat nach eng Kéier geschitt. An ab 16 Joer kanns de ewéi een Erwuessene behandelt ginn. Da kënns de op d'Erwuessenegeriicht an da ginn et déi Strofen, déi ech virdrun opgeziilt hunn.

Sief der bewosst, firwat s de hei viru Geriicht stees.
Du hues anere Leit hiert Eegentum esou wéi ëffentlech Plaze beschiedegt!

*(zum Riichter)*

Hatt soll eng Strof kréien, déi et déi nächste Kéier dräimol iwwerleeën deet. Ech proposéieren an dësem Fall Oeuvres philanthropiques, dat ass eng Aarbecht ouni Bezuelung. D'Assistante sociale vum SCAS sot, dass d'Elteren doheem gutt nom Zera kucken. Dofir froen ech e *maintien en milieu familial.*

**AF** *(steet op)* Wat d'Strofdoten ugeet: D'Zera gëtt se zou. Hatt ass nach jonk a sicht selwer seng Plaz an der Schoul. Hatt huet am Fong e grousse Gerechtegkeetssënn, mee hatt war sech net bewosst, firwat seng Graffitie schlëmm wieren. D'Zera gëtt doheem gutt encadréiert an ass eng gutt Schülerin am Lycée. Dofir sinn ech der selwechter Meenung wéi de Parquet. Ech hunn him d'Oeuvres philanthropiques erklärt, hatt acceptéiert dat. Ech froen opgrond vun der enquête sociale vum SCAS, dass hatt doheem bei sengen Eltere bleiwen däerf.

**JR** Hutt dir nach Froen?

**P1** Net wierklech ... wéini ass mat engem Urteel ze rechnen?

**JR** Dir kritt d'Urteel an zwou Wochen. (kuckt d'Zera) Hoffe mer, dass mer eis net erëm gesinn.
Den Audiencier (AU) steet op a begleed d'Zera, seng Elteren an d'Affekotin oder den Affekot eraus.
A kënnt dann zeréck an de Sall.

**JR** *(zum AU)*
Rufft mer wgl. den 2. Beschëllegten eran.

## Zeen 2

D'Geriicht sëtzt nach ëmmer do. Den Audiencier (AU) kënnt mam Robert, genannt Rex, sengen Elteren an hirem Affekot oder hirer Affekotin eran. D'Mamm kuckt ängschtlech, de Papp ass opgereegt, de Robert, éischter schei, huet eng lues Stëmm, Hänn um Pult. AU setzt sech nees bei d'Dier.

**JR** *(wärend se erakommen)* Dir kënnt no vir kommen. Mat den Eltere wgl. Schwätzt dir all Lëtzebuergesch?

**P2** Lëtzebuergesch oder Franséisch, ass alles ok.

**JR** Ok, da schwätze mer Lëtzebuergesch. (zum Robert) Du bass de Robert, gebuer den 2. September 20XX, wunnhaft op der Adress 5, rue Code Napoléon, zu Bartreng. Ass dat richteg esou?

**R** Jo, richteg.

**JR** Du kriss reprochéiert, mat enger Frëndin onerlaabt Graffitie gemaach ze hunn. Wat wëlls du eis dozou zielen? Firwat hues de dat gemaach?

**R** Ech wollt dem Zera dobäi hëllefen.

**JR** Domat beschiedegs du Géigestänn, déi dir net gehéieren. Hues du der deemools keng Froe gestallt?

**R** Am Ufank hunn ech just de Message cool fonnt. Mee no der Plainte hunn ech vill nogeduecht.

**JR** *(zu den Elteren)* Wosst Dir vun den onerlaabte Graffitien?

**P2** Nee. Esou hu mir hien net erzunn.

**JR** Wéi hutt Dir reagéiert, wéi Dir vun der Plainte héieren hutt?
*Papp a Mamm kucke sech, da schwätzt d'Mamm.*

**M2** Mir waren erféiert. Mir hu probéiert mat him ze schwätzen an him ze erklären, wat e falsch gemaach huet. Dat huet awer réischt no enger gewëssen Zäit fonctionéiert.

**JR** *(zum Robert)* Ech si frou, dass de zumindest elo driwwer nodenks. Du däerfs elo esou eppes net méi maachen. Bon, dann hätt de Parquet d'Wuert.

**PR** *(zum Robert)* Du bass en intelligente Jong an du hues driwwer nogeduecht. Mee d'Saach ass awer geschitt a wéi geet et elo weider? Du hues onerlaabte Graffitie gemaach, ëmmer erëm, ouni Awëllegung vun de Besëtzer. Dofir ass nom Artikel 526 vum Code pénal d'Strofdot ‚Beschiedegung vu Géigestänn, déi der Allgemengheet notzen' zeréckbehale ginn. Ech erklären der, wat d'Strofe sinn, wann s du esou onerlaabte Graffitie méchs an ëffentlech Plaze beschiedegs!

Fir d'Beschiedegung vun aneren hirem Eegentum géifs du, wann s du volljäreg wäers, eng Prisongsstrof vu bis zu dräi Joer riskéieren, plus eng Geldstrof vu bis zu 10.000 Euro. Oder just eng vun dëse Strofen.

*(zum Riichter)*

De Rapport de moralité vun der Police judiciaire ass ganz gutt ausgefall. Ech proposéieren an dësem Fall Oeuvres philanthropiques an dass de Robert doheem bei sengen Eltere bleiwe kann.

**AF** *(zum Riichter)*
Wat d'Strofdot ugeet: de Robert gëtt se zou. Hien ass nach jonk a wollt just Friddensmessage verbreeden. Hie war sech de Konsequenzen net bewosst. De Jong huet an Tëschenzäit vill nogeduecht an hie gëtt doheem gutt encadréiert. Dat seet och de Rapport vun der Police judiciaire. Och a senger Schoul huet hie keng Problemer. Ech sinn do wéinst der Meenung, dass keng weider Strofe solle verdeelt ginn. Ech froen e *maintien en milieu familial*, also dass hien doheem bei sengen Eltere bleiwe kann.

**JR** *(zu der Famill)* Si bei Iech nach Froen?

**M2** Nee, keng Froen.

**JR** Dir kritt an zwou Wochen d'Urteel matgedeelt. Dat war et fir haut.

*Den Audiencier kënnt no vir a geet mat der Famill aus dem Sall eraus.*